LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 18 NOV. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 NOV. 2019

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1277 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1277 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130-000008-20040525-FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentarësch Fro n°1277 vum 2. Oktober 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

***1. Wéi geet et weider, wann d'Schlingnatter ëmgesidelt ass, mussen da reegelméisseg Monitoringe gemaach ginn a wa jo, wéi laang? Gesait do d'europäesch Direktive eppes vir? Muss net nogewise ginn, datt d'Schlingnatter hire neie Liewensraum ugeholl a sech do och reproduzéiert huet, ier hiren ugestaamten Habitat däerf zerstéiert ginn?***

D'Autorisatioun vum 23. August 2019 iwwert déi virgezunnen Preventiounsmoossnamen enthält als Konditioun, datt de Bauhär muss iwwert 25 Joer e Monitoring duerch en Expert duerchféieren. Di éischt 5 Joer muss all Joer e Rapport virgeluecht ginn, dono all 5 Joer.

D'Virgab aus der europäescher Legislatioun fuerdert datt d'Moossnamen ökologesch wierksam sinn ier en Agréff an den geschützten Liewensraum stattfënnt. Dofir och d'Bezeechnung vun CEF Moossnamen, wat bedeit *continuous ecological functionality.* D'Schlingnatter muss den nei amenagéierten Liewensraum ugeholl hunn, dat heescht si muss do present sinn an et muss sécher gestallt sinn, datt d'Exemplaren vun de Bauflăch op den neien Terrain emgesiedelt sinn.De Beweis muss vun engem *expert agréé* erbruecht ginn.

***2. Firwat gëtt sech just op d'Schlingnatter fokusséiert an net och op déi weider aner national an EU-wait geschützten Aarten, déi um Site liewen?***

D'Schlingnatter gëllt als sougenannten „Zeigerart", déi ganz spezifesch Liewenskonditiounen brauch. Wann des Konditiounen erfëllt sinn, ass de Liewensraum och fir vill aner geschützten Déierenaarten adaptéiert.

***3. Si weider Autorisatiounen en Cours fir z. B. deen Deel, dee soll bebaut ginn, ze zerstéieren?***

De Ministère ass befaasst mat enger Ufro fir de Bauterrain ze preparéieren, d.h. fir geschützte Biotopen an Habitater ze zerstéieren an ze kompenséieren. Ier eng Autorisatioun kann erdeelt ginn, muss den Erfolleg vun den Moossnamen sub 1) nogewise sinn.

***4. Wat passéiert mat deem Deel, dee momentan net bebaut gëtt, a wou d'Schlingnatter fir den Ament ë.a. och lieft (resp. op deen se ëmgesidelt soll ginn)? Gëtt deen Deel ëmklasséiert an eng „Zone Protégée" oder bleift en eng „Zone d'aménagement différée" (ZAD) fir spéider bebaut ze ginn, a wat geschitt da mat der Schlingnatter an all deenen anere geschützten Aarten?***

De Liewensraum vun der Schlingnatter fält ënnert de Schutz vum Naturschutzgesetz, an zwar onofhängeg dovun, wéi den Terrain am Bebauungsplang klasséiert ass. Den nationalen Naturschutzplang gesäit kee Klassement vun dësem Site als Naturschutzgebitt vir. Et wier ze begréissen wann déi politesch Autoritéiten vun der Stad Lëtzebuerg a punkto Klassement vun den Terrainen fir kloer Verhältnisser suerge géifen.

***5. Prinzipiell bleift awer och nach déi fondamental Fro, wéi esou eng Ëmsiidlung iwwerhaapt gemaach soll ginn an iwwer wéi een Zâitraum? Et gëtt, mengen Informatiounen no, dozou nämlech a ganz Europa keng Referenzetuden, an unerkannten auslännesch Fachleit stinn esou enger Delokalisatioun iwwerdeems méi wéi kritesch géintiwwer. Wat gesait hei d'Direktive fir a gëtt et hei am Land en Expert, dee mat der Ëmsiidlung vun der Schlingnatter eng konkret Erfarung huet? Kennt d'Madame Minister Referenzetuden iwwer esou eng Ëmsiidlung, déi si der Chamber kann iwwermëttelen?***

Wann deem esou ass, datt et a ganz Europa keng Referenzetüd sollt ginn, musse mer hei zu Lëtzebuerg Neiland betrieden. De Bauhär muss dofir suergen, datt déi néideg Experten am Domän vun den Reptilien an den aneren betraffenen geschützten Aarten op der Plaz d'Aarbechten begleeden, dokumentéieren a fir d'Ausféierung riicht stinn. D'Konzept fir den Emgang matt der Schlingnatter, dat elo virläit, gouf vun engem agrééierten Planungsbüro matt engem Expert fir Reptilien ausgeschafft. An deem Dossier gin et vill Referenzen op wëssenschaftlëch Literatur zu der Schlingnatter.

***6. Gëtt mat der Regierungspolitik am Dossier Schëttermarjal net de facto an de jure d'FFH-Richtlinn iwwergaangen, géint nationaalt an EU-Recht, a géint si grad wéi géint d'Konventioun vun Aarhus verstouss? Oder kann d'Madame Minister erklären a wéi wait hir Politik dee legale Kader respektéiert?***

Den „Dossier Schëttermarjal" ass kee Regierungsdossier. Schëttermarjal ass e privaten Wunnengsbauprojet, dee vun der Stad Lëtzebuerg gewollt ass – dofir ass den Terrain am Bebauungsplang -, an deen di national gesetzlech Bestëmmungen anhale muss, dorënner déi aus dem Naturschutzgesetz. De legale Kader ass d'Fundament vun der Ëmweltpolitik, wéi vun der Regierungspolitik generell. De Bauprojet genéisst keen Sonderstatus géigeniwwer allen aneren Urbaniséierungsprojeten am Land, déi och en Impakt op den Biotop-, Habitat- oder Aarteschutz hunn.